

De Ris vu Beetebuerg

Text a Musek: Al Ginter

Zu Beetebuerg am Park, do läit e midde Ris
't héiert een e ronke bis déi Säit op Altwies
Hien ass 'sou grouss a staark, e risege Kadett
Wat wier ech dach 'sou frou, wann ech och 'sou een hätt

Sinn d'Gäscht dann nees doheem, passt hien op an der Nuecht
Dräi Nuetseilen an hien halen zesumme Wuecht
Hie kuckt no lénks, no riets, huet alles voll am Bléck
Et héiert ee guer näischt bis op den Däimerléck

Refr.

*De léiwe Ris vu Beetebuerg
Hien ass fir ons dee gréisste Frënd
Duerch déck an dënn gi mir derduerch
Eng mega Frëndschaft ons verbënnt*

Vill Kanner an vill Dei'ren, si kommen erbäigelaaf
D'Deckelsmouk, de Wäschbier, och d'Geessen an en Af
Si klammen, fléien, rennen, verschidd'ner och um Rad
Zesummen zéie si op Beetebuerg an d'Stad

E flotte Wee laanscht d'Gare, an d'Schlass eran duerch d'Paart
E Ris, deen ass ze grouss, hie steet virdrun a laacht
Nom Tour an der Gemeng gi mir ons all'guer d'Patt
Déi nächste Kéier kënn's och du ganz einfach mat

Refr.

*De léiwe Ris vu Beetebuerg
Hien ass fir ons dee gréisste Frënd
Duerch déck an dënn gi mir derduerch
Eng mega Frëndschaft ons verbënnt*

*De léiwe Ris vu Beetebuerg
Hien ass fir ons dee gréisste Frënd*